

WANDROUS

N° 334 Broochmount / Heemount 2011

juin / juillet



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroune op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

NATIONALFEIERDAAG

Lions Bleus Grillstand


Kommt alleguer bei eis e gudden
**Lions-Linger &
Mett-Wirscht**
op echtem Holzgrill iessen :)

22.Juni 2011 ab 18 Auer

An der Groussgaas beim Metzler
Kaiffer

(77 Grand Rue L-1661 Lëtzebuerg)

virun der Dier
an fir Gedrènks ass och gesuergt



Souche Faackelzuch



FAACKEL ZUCH 2011



Wéi all Joers sin mir um Vierowend vum
Nationaldeierdaag um Faackelzuch
vertrueden.
Mit treffen ons Mëttwochs, den 22. Juni um
20:30 Auer
bei der Metzlererei Kaiffer op 77 Grand Rue
L-1661 Letzebuerg

Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover,
d'Amicale an natiirlech net ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**Richtig! eng TIP TOP Uniforme
mat enger donkelbloër Jeans-Box
mat engem Uniformshiem / Foulard
en Lions - Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap**

**Daat ganzt huët och en Enn, an dén fënt sech bei der aler Cathédrale's
Sortie/Entrée an der Ënneschtgaas (rue Notre Dame) um 23:00 Auer**

D'Souche as bis spéitstens den 18/06/2011 béi dëngem Chef oofzegin!!!

Wéi all Joërs sin d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden!!!



Jo ech.....

Gin och dëst Joër mat op de Faackelzuch.
Ech sin mat Zäiten, an tiptopper Uniforme um Rendez-vous



Elterenënnerschrëft

Salut Wellefchen !

Mir mach eng **Entdeckung's Rees**
zu Iechternach awer net **alleng** !

Ons Frenn vun den Iechternacher Quaschlecken, dei mer um Feweka
kennengeleiert hunn, begleeden ons op deser Rees.



Sortie INTER-MEUTE den 25 JUNI 2011



- Rendez-vous :** Den 25.06.11 um 09.30 Auer virun der Gare
- Retour :** Den 25.06.11 um 18.00 Auer virun der Gare
- Souche :** Geff d'Souche bei dengem Cheff oof bis spéitestens den 11/06/2011
- Waat brauchs de :** Bidon Waaser, Picnic fier Metteg-lessen, Biergschong,
eng Jacket, dem Wieder ugepasste Kleeder, (Kaap an
Sonnen crème) an deng Jumbo-Kaart oder 2 Ticketen à
1,5 €
- PS :** Vergiess deng 5 Sachen net

Ech.....
erlaaben mengem Wellefchen



.....
Um INTER-MEUTE vum 25.Juni 2011
deelzehuelen

.....
Ennerschreft



WËLLKOMM



Fir Scouten, Explorer & Rover

Weini? den 9.-10. Juli 2011

Départ?

Samstes, den 9.07.11 um 14:30 Auer (Gare de LUX)

Retour?

Sonndes, den 10.07.11 um 17:30 Auer (Gare de LUX)

Praiss?

15€, ze iwwerweisen op den
Konto vum Fischer Manon
(CCPL IBAN LU69 1111
1943 4251 0000) mat der
Mentioun "Pow-Wow'11 + Numm

Souche?

Ass oofzeginn bis den 25. Juni 2011

Waat muss ech matbréngen?

Schloofsaack an Carrymatt fir
Dobaussen ze schloofen, Tip-top
uniform, Gamelle/Kichenduch,
Bidon, Kaap & Sonnencreme,
dem Wierder ugepassten
Kleeder ...




Heimat erlaaben ech _____ mengem Scout,
Explorer, Rover _____ um dësjähregen Pow-
Wow vun der FNEL vum 09.-10.07.2011 deelzehuelen.

Ënnerschrëft _____



an EUROPA



Fir Beaver & Wëllefcher

Weini? den 10. Juli 2011

Départ?

Samstes, den 10.07.11 um 09:30 Auer (Gare de LUX)

Retour?

Sonndes, den 10.07.11 um 17:30 Auer (Gare de LUX)

Praiss?

7€, ze iwwerweisen op den
Konto vum Fischer Manon
(CCPL IBAN LU69 1111
1943 4251 0000)
mat der Mentioun
"Pow-Wow'11+Numm"

Souche? Ass oofze-
ginn bis den 25. Juni 2011

**Waart muss ech mat-
bréngen?**

PIC-NIC an engem klengen
Rucksack fir mëttes, Bidon, Tip-top
Uniform, Kaap & Sonnencrème, dem
Wieder ugepassten Kleeder...



Heimat erlaaben ech _____ mengem Beaver,
Wëllefchen _____ um dësjähregen Pow-Wow
vun der FNEL den 10.07.2011 deelzehuelen.

Ënnerschrëft _____



fnel   
scouts & guides

LÉIWENFEST

soirée espagnole

16.Juli'11

- Sangria
- Tapas
- Paëlla
- Crema catalãna ...

20€

<18--> 15€

Bei eⁱsem Home

START

Bv/Lx/\$g/Ro um 16:00Auer & fir Elteren,Famill, Amicale & Frënn um 18:30Auer

D'Souche ass oofzeginn an d'Iwwerweisung ass ze maachen bis den 9.Juli 2011!
(CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000 vum Fischer Manon) --> Mentioun: Léiwenfest,Numm&Unzuel

Heimat mellen ech _____folgenden Beaver,
Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover _____& (Zuel vun
Elteren/Famill/Frënn) _____Persounen fir Léiwenfest un.



Ënnerschrëft: _____



GRUPPENVERSAMMLUNG


Fir Beaver/Wöllef/Scouten/Explorer/Rover



Den **Dirk Bach** an d'**Sonia**
op eisen **Lions-Bleus-**
gët den nächsten

wärten mer dann deen Daag erausfannen! Sammel am Dschungelcamp
esou vill Stären wéi méiglech an beweis däin Mut an haarden Wettkampf
géint d'Zäit, aaner Géigner oder souguer Dëch selwer an géff den éischten
LBB-Dschungelkinnege(in)!

Den Fliiger wärt nët onendlech Plaazen hun, an den Éischten ass fir. Dofir
sierf fréi un an erkämpf dir deng Plaaetz als Kandidat!



Wéini ass den START?

17.09.2011 um 14 Auer beim Home vun
den Lions Bleus

Wéini kënns du rëm?

17.09.2011 um 17 Auer beim Home vun
den Lions Bleus

Waat kascht ët?

Staarken Wëllen, vill Gedold an
Duerchsetzungsverméigen

Material?

Bidon, dem Wieder ugepassten
Kleeder an TIP-TOP Uniform

Mir hoffen mir gesinn dech deen Daag an mir hoffen du bass motivéiert fir en ganzen
Stärenhimmel voll ze sammelen!

Deng Cheffen

Souche Montée

Beaver, Wellef, Scouten, Explorer



En neit Scoutsjoer fänkt un.
Et gin grouss Beaver, grouss Wellef an
grous Scouten, maachen en neien Schrett
op hierem Scoutswee. Sou gët aus engem
groussen Beaver e klengen Wëllefchen,
aus engem groussen Wëllefchen en
klengen Scout an aus engem groussen
Scout en klengen Explorer.



Mell dech seier un, daats du och dobei
bass fir en floffen Weekend mat
zerliewen.

Weini: 1-2/10/2011
Wou: Beim Home Lions Bleus
Rendez-Vous: 01/10/2011 um 14h00 beim Home

Retour: fir Beaver: 01/10/2011 um 18h00 beim Home
fir de Rescht: 02/10 2011 um 16h00 beim Home

Präis: 17,50 €, bis den 23. September 2011 op den Compte vum Fischer Manon
CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000 ze iwwerweisen.
Beaver brauchen näischt ze bezuelen, **ausser dei Beaver dèi d'Montée
maachen müssen déi 17,50 € bezuelen.**


Souche: Ass ebenfalls bis den 24. September 2011 bei dengem Chef oofzeginn.

Waat brauchs du alles: Schloofsaack, Carrymatt, Taschenluucht, Taschenmesser (nëmmen fir
Scouten&Explorer), Bidon, Ersatzkleeder, Wäschaachen, Biergschong

d'Cheffenéquipe




Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlaaben
mengem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
un der Montée 2011 vum 01.-02. Oktober 2011
zu Bouneweg deelzehuelen.

.....
Ënnerschrëft vun den Elteren



Well eis Beaver heiansdo schon zimlech
witzeg Saachen kommen loosén, wollten
mier iersch dei net fierenthaalen!!

Matteo (fällt op den Buedem): Ai caramba sexy Ladies!

Zoé(fennt en Flyer vun den Lgs): Kuk dat hei sin dei blöd Scouten!

Danie: Nora du kruus eng GESMST!

Tasha: Voll deck krasss!

Amélie(huet sech weigeden): (Lena: Wanns de eng Bomil bass ass et fort)

Amélie: Nee ech gin keng Bomi! Meng Mama soot ech soll sou
bleiwen wei ech sin..

Liana: Deck dei krass. Deck dei cool. Deck dei witzeg. Deck dei....

Amélie: (Lena: Nenn ma eng Wüst!)

Amélie: Ägypten?

(Lena: Nenn mer 3 Beem!)

Amélie: Kaatz?

An well mir och schein Fotoen vun eisen Beaver hun
wollten mir iersch Méiglechkeet gin, eng Cd ze kaafen,
mat Fotoen vun ärem Kand drop!

Wann dir intresseiert sidd, dann gidd eis Souche
sou seier wei meiglech mat 2 euro.

Ech _____ hätt gaeren eng Cd mat Fotoen
vun mengem Kand _____.

Ennerschreft

Programm Beaver

Den Beaver - Programm

JUNI:

4.	Piratensortie	10:00-16:00
11.	Beaverversammlung	14:00-16:00
18.	Sortie 'Scout fir een Dag' (genau Auerzäit kri der nach matgedeelt)	
22.	Faakelzuch	
25.	Beaverversammlung	14:00-16:00



JULI:

2.	Beaverversammlung	14:00-16:00
9.	keng Versammlung	
10.	Pow-Wow	
16.	Léiwenfest	

AUGUST:

Vakanz (keng Scouten)

SEPTEMBER:

3.	keng Versammlung	
10.	keng Versammlung	
17.	Gruppenversammlung	14:00-17:00
24.	Beaverversammlung	14:00-16:00

OKTOBER

1.-2.	Montée	
8.	Beaverversammlung	14:00-16:00
15.	Beaverversammlung	14:00-16:00
22.	Beaverversammlung	14:00-16:00
29.	Beaverversammlung	14:00-16:00



Beaverklack
Lena & Nora & Maiti

Programm Meute De Meute - Programm

Juni

4	keng Versammlung
11	Versammlung
18	Versammlung
22	Faackelzuch
25	Sortie



Vakanz

14:00 - 16:00

14:00 - 16:00

20:30 - 11:00


09:00 - 18:00

Juli

2	Versammlung
9	keng Versammlung
10	Pow-Wow
16	Léiwefest

14:00 - 16:00

Schéin Vakanz



September

3	keng Versammlung
10	keng Versammlung
17	Gruppenversammlung
24	Versammlung

14:00 - 17:00

14:00 - 16:00

Oktober

01~02	Montée	
8	Versammlung	14:00 - 16:00
16	Viiz-Sortie	
22	Versammlung	14:00 - 16:00



Deng Meutecheffen: Chouette / Sophie / Prunelle / Claude / Charles

Programm Troupe

Den Troupe - Programm

JUNI

- 4. keng Versammlung --> Vakanz
- 11. TRUPPENSORTIE
- 18. RALLYE 'Scout fir een Daag' an der Staat
- 22. FAACKELZUCH &
LBB Grillstand an der Staat.
- 25. Patrullenversammlung 14:00-16:00
(Abgabetermin Patrullenklasseur)

JULI

- 2. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 9.-10. POW-WOW
- 16. LÉIWENFEST zu Bouneweg
Fir all d'Memberen & Frënn vun den Lions Bleus



D'CHEFFENéquipe wënscht Iech allegueren eng wonner-
Schéin, sonnig an erhuelend Sommervakanz :) :) :)

SEPTEMBER

- 17. GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00-17:00
- 24. Truppenversammlung 14:00-16:00

OKTOBER

- 1.-2. MONTÉE
- 8. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 15.-16. VIIZWEEKEND oder JOTA/JOTI
- 22. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 29. Truppenversammlung 14:00-16:00



Lex / Christophe / Mauro & Tamia

Programm Explorer

Den Explorer - Programm

JUNI

- 4. keng Versammlung --> Vakanz
- 11. Explorerversammlung 14:00-16:00
- 18. RALLYE 'Scout fir een Daag' an der Staat
- 22. FAACKELZUCH &
LBB Grillstand an der Staat.
- 25. Explorerversammlung 14:00-16:00



JULI

- 2. Explorerversammlung 14:00-16:00
- 9.-10. POW-WOW
- 16. LÉIWENFEST zu Bouneweg
Fir all d'Memberen & Frënn vun den Lions Bleus



D'CHEFFENéquipe wënscht Iech allegueren
eng wonner-schëin, sonnig an erhuelend Summer-vakanz

SEPTEMBER

- 17. GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00-17:00
- 24. Explorerversammlung 14:00-16:00

OKTOBER

- 1.-2. MONTÉE
- 8. Explorerversammlung 14:00-16:00
- 15.-16. VIIZWEEKEND oder JOTA/JOTI
- 22. Explorerversammlung 14:00-16:00
- 29. Explorerversammlung 14:00-16:00



Fir d'Unitéit : Tameng / Eric / Kodiak

Rapport Ouschtercamp Beaver

Daag 1:

Den eischten daag hun mier eis mat den eltren mettes beim LTB getraff an sin dun mat den kanner vun do aus ob reiser gefuer bei eist home an hun den kanner hier rucksack do oofgestallt. An dun sin ma vun do aus bei dem lena sein reitstall getreppelt den net wei fort vum home war. Do konnten kanner ob den perd reiden oder se botzen, wat hinnen alleguer och ganz gudd gefall huet. No enger annerhalewer stonn sin ma rem mat hinnen zrèck bei d'home getreppelt. Wou ma nes do waren, hun ma zesummen mat den kanner d'rucksäck an alles ausgepack an prett geluet. Dun hun ma eis un d'grillen gema, jiddereen kruut sein Tühringer oder Mettwurst. Ween wollt konnt sech och stockbrot maachen. Als dessert goufen et marshmallows. Leider huet engem vun eisen Beaver sein mo dat net ganz gudd verdroen, mee dono as et em awer rem besser gang. An während dem grillen kruuten ma souguer besuch vun jongen dei eis nom iessen och bei eistem schmuggler spill gehollef hun, et waren natielech ganz feiner;-) No eistem nuetsspill hun kanner sech ferdeg gemacht fier an d'bett an dun kruuten se nach eng geschicht fierglies an dun hun se normalerweise missten schloofen;-)

Daag 2:

Den zweeten daag sin ma moies obgestaan an hun natielech mol fier d'eischt zu moies giess, et gouf kellogs. Dun hun ma mat den kanner eng bastel gemacht wou se sech amuletter an sou en Indianerband fier ob den kapp gebastelt hun, an se hun sou leif damader ausgesin Dun hun mer gekacht an zwar Poulet curry. Dono huet jiddereen sech prett gemacht fier schwammen ze goen, mier hun den bus geholl bis ob Bettebuerg an sin vum busarret an d'schwemm getreppelt. Mier hun mat den kanner gespilt oder sie och mat sech selwer, aanerer sin ob d'rutschbahn gang an dun sin ma geingt 4 rem raus gangen, leider sin ma bessen ze speit raus gangen an ma hun hun missen nach 2.10€ nobezuelen. Mier hun rem den bus fier zrèck geholl, nes ukomm hun mier eis nass saachen obgehang an mier sin nach spiller mat den kanner raus spiller machen gangen. Dun war et och rem zeit fier ze kachen an kanner kruuten en lecker nudelsgratin z'iessen. Dono as et och rem un d'nutesspill gang an zwar d'Gänseppill, wou kanner hin an hier gerannt sin fier karten ze fannen, wou dun endlech eng grupp gewonnen huet waren se alleguer och deck midd. Nom spill koum awer nach epes ganz wichteges virun dem se schloofen gangen sin an zwar kruuten se lo alleguer dei nach keen foulard haaten hieren eischten foulard, an et huet een hinnen all ugemiekt dassen se deck frou waren. An Beavercheffen waren natielech och ganz stolz ob all hier Beaver. Dono hun se sech rem prett fier an d'bett gemacht an se kruuten nes eng geschicht fiergelies an nodems sin direkt angeschloof an hun vun hieren scheinen neien foularden gedreemt

Daag 3:

Den dretten daag sin ma moies net ze frei obgestaan an hun mat den kanner zu moies giess, an zwar schmieren. Dono hun se all hier saachen zesummen geraumt an rem an hieren rucksack gepack. Dun sin ma nach bessen mat den kanner raus spillen gang bis et alt rem un der zeit war ze kachen. Et goufen kniddelen, dei leider am ufank net ganz vill gin sin mee iegentswei hun d'nora an ech et dun awer ferdeg bruecht dass et den kanner geschmacht huet. Wou dun jiddereen den bauch voll haat, konnten kanner rem weider hannert dem home ob d'wiss spillen goen. An geingt 4 sin dun och schon d'eltren vun eisen Beaver komm an se sin alleguer no an no heem gangen. An wou dun jiddereen fort war konnten sech Beavercheffen dun nach un d'arbescht maachen dat ganz home ze botzen, juhuuu;-) Maiti



Rapport Ouschtercamp Meute

18.-20. April 2011

2. Tag Hollywoodcamp:

Sophie hat uns geweckt indem sie laute Musik abgespielt hat. Wir haben das Spiel "Detektiv" gespielt und die die zu spätgekommen sind, mussten noch extra laufen. Aber die Pünktlichen konnten mitlaufen. Nachmittags haben wir gefilmt. Danach haben wir Popcorntüten gebastelt. Aber wir hatten noch Zeit unser Talent vorzubereiten. Abends war der grosse moment, die Talentshow fing an. Später haben wir die Popcorntüten genommen und sind in den Wald gegangen und haben ein Lagerfeuer gesehen. Wir haben unsere Popcorntüten genommen und aufgefüllt, Abzeichnungen bekommen und Foulards ebenso. Dann sind wir ins Bett gegangen.



3. Tag Hollywoodcamp:

Am 3. Tag war unser Hollywood camp fast fertig. Doch an diesem Tag haben wir noch viele tolle Sachen erlebt. Wir haben noch Spiele gemacht, knödel gegessen und das tollste war Filme gucken. Dann haben die Hollywood Stars uns noch die Oscars überreicht. Dann konnten wir noch sagen was am tollsten war. Dann haben wir noch das Home geputzt. Dann haben wir den Zug genommen und alle waren froh.

Pierre, Jim, Esteban



Rapport Sixplo

2.-3. April 2011

Rapport eichten Daag Sixplo

D' Wëllefcher aus deenen verschiddenen Meuten hunn sech all zesummen um Glacis getraff fier vun do aus zesummen mat Busser op Iechternach and Jugendherberg ze fueren. Wou se dohinner unkomm sinn kruuten se aver matgedeelt, datt dei Beis, Stecker vun der Zeitmaschine geklaut hunn, an eo ass dei ganz Welt op der kopp. Aplaaz begreisst ze ginn kreien sie eddi gesoot, deen Misär muss schnell een Enn kreien! D' Wëllefcher müssen dringend hellefen fier dei Saach do rem bis Owes riicht ze beien. Een groussen Piste Poste rondrem den Séi stellt sie virun vill verschidden schweier Herausforderungen, bei all Aufgab dei se geleist kruuten, dueften sie een Steck vun der Zeitmaschine mathuelen. Wou den Piste Poste riwwer war (deen iwrengs och zimlech op da Kopp war) gouf et ze Iessen. Als Lidd gouf emol , passend zum Thema verkeiert Welt , een Chaine des Adieux gesungen, an genau sou skuril ass et weidergang mam iessen, et gouf Muffin mat Ketschup an Wippecher mat Schaagsahn. Mhhm , also den Wellefcher hued et trotzdem geschmaacht, an datt sie missten op den Bänken sezen an op den Still iessen hued hinnen och net vill ausgemaach. Owes war dunn deen groussen Battle geint deen beisen Zauberer an seng Gefährten, wou d Wellefcher aver gottseidank gewonnen hun an deen gellenen Villchen (als daat lescht Steck vun der Zeitmaschine) gewannen konnten, an sou deen ganzen Chaos stoppen konnten. Wou zeit war Schloofen ze goen, sinn all d Wellefcher an hier Dortoiren gang, mier haaten een Dortoir fier eis gaanz alleng. Wou d Welefcher just entschloof waren goufen se aver nachenkeier duech den Feieralarm gelöscht, iejend een ganz Gescheiten (natielech keen vun der Fnel) haat eng Keaz ennert den Rauchmelder gestallt, well daat aver reichten herno rausfonnt ginn ass, missten ma all enkeier owes speit mam Pijama virund Dier, soueen Erlefnis haat een aver och nach net oft op souengem Sixplo Claude

2. Tag Sixplo

Wir fuhren mit dem Bus nach Echternach. Als wir da ankamen hatten alle Artisten ihre Tricks vegessen. Was sollten wir jetzt tun? dachte jeder. Ganz einfach, wir (von der FNEL) mussten die Tricks lernen und sie danach aufführen. Wir bastelten Kostüme und Masken. Wir probten Tricks, trommelten, jonglierten, sangten.... Zum Schluss zeigten wir alle unsere Tricks. Wir hatten die Aufführung gerettet. Und wir mussten leider wieder nach Hause fahren.

Pit Riewer



Rapport Ardèche

Ardèche 10-15 Abrëll 2011

Hirees

Den Rapport deen vun Raphael sollt geschriwwen gin feehlt leider!

Dach 1

Mir sinn geind 7 auer erwaecht, an hunn ons (den Christophe, den Eric, den Raphaël an ech) prett gemaach fier iessen ze goen. Geind 7:30 auer sinn mie am restaurant vum camping gaangen. Do hunn mer moiesgierss. Dunn sin mer ons undone gaangen an en klengen ruksaak paaken gaangen, fir en klengen Treppeltour an den besch, laangschd den fielsen an an den bierger ze goen. Ed hued bis den frei-owend gedauerd. Als mer eremkomm sinn, haaaten mir ebessse temps libre, an dann stung nach en nuetsspill op den programm. Awer fier d'eicht sinn mer iessen gaangen. Dunn hunn mer, wi gesood, stratego gespillt. Herno sinn mer erem um camping komm, haaten nach ebessen tems libre an geind 23-00 auer sinn mer schloofen gaangen, fir den daach dono mad canyoning um programm fit zesinn.



Ludovic Lemoine

Daach 2

Mir sin moies um 8 :00 kaffi drenken gang, et geuf ewei all moien e kaalen Buffet mat KGB. Um 9 Auer stunge mer dun all prett beim Bus fier op Joyeuse ze fueren, weu dun bei engem Supermarché, e besseren ausserhalb vum Uertschaft dei eng halchent vum de Leit erausgeklommen sin fier dun moies an d'Höhlen ze goen. Dei Anner halchent, also mier, sin dun erem zereck an Duerf gefuer fier dun en klengen Crashkuer iwert Geocaching an den GPS gehaalen krutten. Wei dun dei mecht wossten ewei Geocaching geif goen, hun mer eis an Gruppen opgedehlt an hun eis Koordinaten fier den eichten Geocach kritt. Emmer dem GPS no sin mer dun bei eng all Bueg komm, weu denn Geocach leien sollt, an e puer Leit hun dun och fleissech ugefang ze sichen. Wei mer dun no enger halwer Stonn sichen keng motivatioun mei hatten hun mer opgin, an hun eis op en neien Geocach konzentriert, den nemmen e puer 100 meter vum dem eichten ewech war. Op der Platz ukomm hun mer och net laang misten sichen bis mer en fonnt hatten. Nom Geocaching sin mer erem zereck bei den Bus gang mat dem mer dun zereck bei den Supermarcher gefuer sin fier zu mettech ze iessen.

Do ukomm huet dun och schon dei eicht halchent vum anneren Grupp op eis gewart, an dei zwet halchent huet net op sech warden geloss. Wei mer dun all zesummen waren hun mer ze mettech gies. Et geuf Grommprenzallot mat enger steck Fleesch.

Nom iessen sin dun dei anner and Duerf gefuer. Mier hun eis dun prett fier den Speleo gemaach.

Fiereun dem Agang fun der Höhl sin mer an 2 Gruppen agedehlt gin. Dunn hun mer just nach missten d'Luchten umachen an dun nemmen nach erann an dat ficht Lach. Bannen as et dun och heiansto richteich gud enk an richteich nass gin, well mer stungen platzeweis bis zu den Schelleren am Waasser. An seu Leit ewei den Ander hun dann och nach missten eng Aschbom and Waasser man seu dat en komplett nass war. Bei den 2 lechten Passagen fier erem aus der Höhl eraus zekommen waren net nemmen fier dei mei breet gebauten richteich ustrengent an enk.

Nodems mer dun all erem aus der fichter Höhl eraus waren sin mer erem zereck bei den Bus gang weu mer nach eng zeichen op den Bus hun missten warden. Wei den Bus dun entlech do war konnte mer och all dreche Kleeder undoen. Zereck um Camping hatten mer dun nach Freizeit weu mer konnten duschen goen oder besseren domm shwätzen. Um 8:00 Auer sin mer dun iessen gang. Nom iessen hatten mer en Carré gemach weu nach den Ouesprogramm, an d'Activiteiten vum Daag drop bechwat gin sin. Als nuechtspill hatte mer Stratego gespillt.

Nom spill hatte mer nach e besseren Freizeit bis mer dun all schlofen gange sin.

Eric Holzem

Rapport Ardèche

Ardèche 10-15 Abrëll 2011

Dach 3

Deen dretten Daag an da Ardèche war en bessen mei kaal wei die Deeg vierdrun, an et haat an da Nuecht gereent, mais daat hued eis ne tun eisem Programm gehennert. Wei all moien sinn ma and Kantine niewend eisen Chaleten iessen gaang, an herno sinn ma mat eisem Bus weidergefuer. Desen Daag war et um Tom an um Caroline als Liebespaar an den Daag ze starten an un eisem Breeze fier die schick Pampers ze droen. Fie D Lions Bleus stoung fier d' Eischt um Programm eng Visite vun enger Buerg zemaan, waat ma leider duech eng bessen ze laang Busrees verhennert ginn ass, mais daat hued eis wieder net vill gesteiert, souguer am Geigendeel, mie haaten gue keen Stress an sinn relax an deen nächsten Café getreppelt, et war soueen klengen aalen franseichen Café, wou d Boopen aus dem Diefchen all beieneen souzen. Dunn hunn ma eis et do gemitlech gemaach an sinn no ongefeier 2 Stonnen rem zreck bei den Bus getreppelt an hunn op dei Aaner gewaart fie Mettespaus ze maan. Een Einheemescht Meedchen (sou am Wëllefchersalter) war net wieklech begeeschtert datt mie zu souvill sein „Territorium“ besiedelt hunn, dobei kennt datt hat entweder eng riesen mat da Schëpp hued oder een zimlechen Aufmerksamkeits Defizit Syndrom, well et hued die ganzen Zeit mat sengen Spillsaachen duech d'Landschaft geschmass, ass mat senger Kaaz duech d Geigend getreppelt an hued eis beis Blecker zougeworf an ass mat sengem Schotteschen Fändel rausstolzeiert komm an hued deen op een Glänner opgespiist. Wou hatt et dunn opginn hued, an och soulues seng Opnieksamkeit verluer hued ass et och schon eppes ze lessen gin. Mëttes stoung dunn fier d' Lions Bleus Canoeing um Programm, zimlech Motiveiert sinn ma mat fonkel neien Neoprener (zimlech enk fier ranzekommen) and, Waasser geklommen. Verschiddener waren zimlech enttäuscht vum Niveau, mais war aver trotzdem ganz amüsant, an herno waren ma all zimlech midd. Zimlech laang war d Rees och rem fier zreck, soudatt ma quasi direkt rem lessen waren. Wou ma heieren hunn datt et Hamburger geing ginn waren mier deck frou, wou ma aver dunn d Quantiteit gesin hunn war d Freed schnell riwwer. Doweinst kruuten aver verschiddener vun eis oowes beim Japedy nach en bessen eppes ze lessen. D' Breeze war daat schnellst an : Banann iessen ouni Hänn ze benotzen, waat hat ganz attraktiv gemeeschtert hued, genau sou wie den Christophe an da Kompetitioun : Alle meine Endchen summen mat 5 Petit Beurren am Baack ;). Et muss een aver och nach soen, datt den Staff daat ganzt Spill zimlech professionel gemaach hued (mat Luuten an Powerpoint, Musik ... mol enkeier aanescht) Well d' Spill aver bessen mei laang gedauert hued kruuten mer nemmen nach 10 Minuten temps libre mais ech mengen mier waren all sou midd, datt m abessen dankbar doriwwer waren.

Claude Muller



Rapport Ardèche

Ardèche 10-15 Abrëll 2011

Daach 4

Desen moien missten mir reicht teschent 7.45h an 8.00h Kaffi drenken goen, well mir Kayak um Programm haaten an mir missten keen sou een langen Trajet mam Bus fueren, sust bis bei der Base. Den Pinsel an d'Sukel vum Dag fierdrun hun hir Arbescht och schein gemaach, Caroline an den Tom sin leif zesummen fotografheiert ginn ;). Op der Base krut jidfereen eng Kombinaison mat kuerzen Ärm, die ganz sexy ausgesinn huet, eng Schwimmvest an sou eng Tonn, fir Ersatzkleeder dran ze maachen, ausgedeelt. Dun sinn mir nees all an den Bus geklomm an sinn bis beim Pont-D'Arc gefuer, wou mir den éischten Dag waren. Do hun mir missen een Kanu zu zwee huelen an bis an d'Waaser zeihen. Die Tonn ass och um Kanu ugestreckt ginn an dann hop ass et lass gangen! Di eng haaten Chance an waren zu zwee stark Jongen oder een Meedchen an een starken Jong an di aaner haaten guer keng Chance an missten zu zwee Meedcher fueren. Bei deenen anneren wor et keen Problem an bei deenen aneren wor et bessen mei komplizeiert. Di eng sinn nie am Wasser emgekippt an di aner schon :P . An dann sinn di eng emmer an Keieren gedreint a Platz richt weiderzufueren. (Dat kennt eis iwerhaupt net bekannt fier gell Maiti! ;). No enger ganz laaaaaaanger Fuert sinn mir endlech bei der Cathedral ukomm, wou mir Mettesiessen gemach hun. Fir d'eischt hun mir missen op jidefereen warden an dann ass reicht gesongen ginn. Nom iessen sinn mir nees weidergefuer. D'Maiti an ech hun ons firgehol net als lescht fort ze fueren fir net als lescht unzekommen, mee et huet net sou ganz geklappt wei mir geduet hun. Also mir sinn net als lescht fortgefuer mee mir sinn awer fir d'éeschtkomm! Mee bon well mir jo sou lues waren an dat den Chef de Camp mat sengem Kayak emgekippt ass hun mir hinen mol geholef. Wou sie nees am Kayak soutzen hun sie eis och mol iwerhol an dun waren mir wierklech di lescht Endlesch bei deenen aaneren ukomm missten mir firdeischt op den Bus warden. Um Camping konnt jidereen duschen goen oder maachen wat sie wollten. Nom iessen hun mir fir Temps Libre oofgestemmt. Well mir den leschten owend jo richtig geniessen wollten, hun mir bei den Aigles Jongen paanescher gemaach! Aie waren die gudd! An fir die leschte keier an der Ardèche missten mir um 23h schloofen goen. Nuescht!

Breeze Van Eck



Daach 5

Mier sin moies extra frei obgestaan an hun fier d'eischt mol gut fier moies giess, fier eis ob dei lang busrees fierzebereeden. Wou dun jiddereen seng saachen gepack huet an se prett am bus verstaute waren as et lass gang. Während der fahrt as lo leider net sou vill spannendes geschitt, dei mescht hun geschloof oder musek gelauschtert. Fier dass d'fahrt awer net grad ganz sou langweilig sollt gin hun ma dun awer nach 2 filmer gekukt. Den eischen film war casino royal an den zweeten wees ech leider nemei wei en heecht mee en huet den jongen objidenfall ganz gudd gefall;-) An den nemlechten daag während der fahrt gouf anscheinend gemunkelt dass da zwee zesummen komm wieren, Caroline aus den aigle an den Tom(leider wees ech net vun wou hen as) an leider sin ech ma och nemei secher wei den jong heecht, süß awer;-) Schlussendlech sin ma dun sou geingt 8-9 auer owes um houwald ukomm an ech mengen et war awer jiddereen och ganz frou fier rem heem sein eegent Bett schloofen ze gon, auser vlait puer dei nach gären eng zeichen do bliwwen wieren. Et huet sech dun jiddereen eddi gesoot an dun as et ab nach Hause gang

Maiti



Rapport Ouschtercamp

10. - 20. Abrëll 2011



Daach 1

Den Rendez-vous wor um 10 Auer bei eisem Home. Do hun mir eis mat den Quaschlécken an mat den Dachsen getraff. Mir hun dun e Carré gemaach an sinn an Patrullen angedeelt ginn. Mir kruuten eng Nummer

op der d'Stier geschriwwen an missten selwer rausfannen mat wem mir woren. Dun hunn mir eis en Pick-nique viirbereed an d'Patrullen hun sêch op den Wee gemaach. Mir haaten verschidden Trageen. Géint 13 Auer hun mir Metteg giess. Mir sinn spéit Nomettes um Sennigerbiereg ukomm an hun do d'Zelter opgeriicht. (Merci un d'Cheffen déi eis schon gehollef haaten) Owes hun mir dann all zesummen giess an gespult. Owes sinn mir dann schloofen gaang.

Samuel Lemoine



Daach 2

Moies sinn mir géint 8 Auer erwäscht ginn. Dono hun mir fir moies giess, dono huet eng Patrull gespult. Nom Spullen hun mir ungefaang en Wikingerhelm fir den Explo ze bastelen. Déi, déi mam Helm färdeg waren, déi haaten Temps libre. Ongeféier um halwer 1 hun mir Purré mat Fischstäbéscher giess. Nom lessen gouf rëm gespult an dono hun mir den Bus fir op den Hamilius geholl. An der Stad hun mir en Tauschspill gemaach mat Posten an mir missten Froën iwver d'Vergaangenheet an iwver puer Saachen an der Stad beäntwerten. D'Stadspill wor 2 Stonnen laang. Owes hun mir Poulet giess an eng Veillée gemaach.

Sam Schmit



Rapport WikingerExplo 7-8 Mee 2011

Daach 1

Als wir am Samstag um 14:00h am Bahnhof ankamen, fuhren wir nach mit dem Zug nach Ettelbrück. Dort wurden wir in Gruppen aufgeteilt. Wir bekamen pro Gruppe je ein Bogen mit Bildern, der uns den Weg zeigen sollte. Auf unserm Weg, mussten wir auf verschiedenen Stationen Aufgaben meistern, wie z.Bsp. ein kleines Segelboot zu bauen. Später gingen wir dann alle zum Lager, wo wir unsere Zelte aufbauten. Dann gab's zu Essen. Als wir fertig gegessen haben und uns ein bisschen ausgeruht haben, ging es auch schon weiter mit dem Nachspiel. Folgende Regeln waren dabei zu beachten: Man wurde in drei Gruppen aufgeteilt. Jede Gruppe hatte eine Basis auf der sie Goldstücke (Karamell) hin-brachten, die man durch gut beantwortete Fragen bekam. Als wir fertig waren, konnten wir noch ein wenig am Feuer sitzen und mussten dann schlafen gehen...



Drago Dragovic

Daach 2

Mir sin moies Kierf gepaak. daat mir oofrappen Moies- (Kroissant/ Schoki) hun Atelieen ugefaangen iwwert den Floss aanerer Sait vum een Atelier, do misst een mat engem Bengel Holzklötz empuchen, se wollten awa nie richtig :(. Mir missten eis am Mammutscheissen beweisen, an am Vikingscheff fueren. Wei een eng Zopp no Vikingeraart kacht kruten mie och gewissen, eseu wei och Stockbrot ze baken. Beim Schmat konnte ma een metallent Gingko-Blaa bastelen. Epuer flott Souveniren kruten mir mat op den Wee, en an Holzsteck gebranntent Logo vum Expolo, an eng selwer gegossenen Zennfigur. Zu metteg geuf et eng gudd Wurscht, Spare-Rips, Grompa, an Mueten. Zweschenduerch as een dann och mol schwammen gaangen fraiwelleg oder och net... Wa Karée gepaff gedd da muss een laafen mat Floss am Wee oder net, dann kennt een eben naass un :p.No der chaîne des adieus sin mir ganz praktesch wei richtig Scouten mat Bussen op d'Gare gefeuert gin.

Pitt Sietzen




Dem LIB séng Sait

Den LIB séng Sait

Dir kënt dem LIB hëllef an deems der folgend Aufgaben léist...


D'Burgfräulein Mina wëll gären hier Frëndinn Tessa op d'Schlass Herzburg besichen goën. Hëllef hier den richtegen Wee duerch Rousenheckenlabyrinth ze fannen!



- 1) Waat ass schwaarz, wäiss an rout?
- 2) Waat huet en Kommissar an en Photograph gemeinsam?
- 3) Waat mëcht den Bopa als éischt um Komputer?
- 4) Welchen Mount ass deen gefeierlëchsten?
- 5) Waat flitt duerch den Bësch an mëcht ëmmer MUS MUS?
- 6) Virwaat liewen Eskimo'en sou laang?
- 7) Waat mëcht 999 mol Tick an emol Tack?



Welchen Schiët gehéiert zu welchem Wichtel?
Verbann déi jeeneg mat enger Linn!



Rapport Patrullensortien

Troupe

Patrull Puma

Um 9 auer moies hunn mir eis an der Staat bei der Post getraff. D'Scouten kruuten dunn e Froebou an eng Fotosaufgab. Dun sinn mer an der Staat ronderemgetrëppelt, an hunn de Froebou ausgefëllt an d'Fotoen gemaach. Wéi mir domat géint 12 färdeg waren, sinn mir bei mech Heem gaangen, fir do Pangecher ze maachen an z'iessen.

Wou mer déi dun giess haaten, hun mer e puer Fotoen vum Daach erausgeprint an e flotten Fotocollage gemaach. Géint dräi Auer war d'Sortie dann eriwwer.

Catherine Heinen



Patrull Quokka

Eis Patrull (Quokka) huet sëch um 10 Auer beim Home LBB getraff. Jiddereen haat en Rucksack dobäi an mir hun eis d'Dëppen mam lessen opgedeelt. Ech (Samuel) hun hinnen dann den éischten Message ginn deen eis an den Gronn bei den Lift bruecht huet. Do hun ech hinnen den zweeten Message ginn an mir sinn vun do aus bis an d'Staat op d'Kinnegswiss getrëppelt. Do haaten mir Mëttegepaus. Z'iessen ass ët eng uddelenzaloot ginn. Well ech deen Daag Gebuertsdaag haat hun ech e Kuch matbruecht, an ët sinn och nach Äppel an Orangen ginn. Nom lessen hun ech hinnen den drëtten Message ginn deen eis bis op den Kirchbiereg bei d'Coque bruecht huet. Do hunn mir ongeféier 10 Minuten gepaust. Dunn hun ech hinnen den véierten Message ginn. Sie hun en entziffert an mir sinn dun bis an Clausen

bei d'Place Cunégonde gang. Den fëneften Message hun ech hinnen dunn iwerreecht an mir missten vun do aus bei d'Tankstell zu Hamm trëppelen. Den sechsten Message ass eng gugd Neiege-keet gewiercht, well et den lechten war, an deen huet eis bei d'Home bruecht. Mir sinn géint 5Auer do ukomm an heem gang.

Samuel Lemoine



Versammlung Kockelscheuer

Meute

Den 15.Mee 2011 hun mir eis geduecht mir géingen eng kéier eng bëssen méi extra Versammlung maachen.

Mir hun eis bei der Kockelscheier getraff. Op der Spillplatz hun mer gewaart bis déi 3 Léit vum Vullenschutz ukomm sinn. Sie hun eis dann erklärt dat'en mer duerch den ganzen Bësch wärten trëppelen fir an all d'Näschter (déi vun hinnen opgehaang ginn sinn) ze kucken op Klenger dran sinn, daat ze notéieren an d'Villercher souguer villäicht beréieren.

Am zweeten Nascht haaten mer schon direkt succès.

Ganz vill kleng Villercher, se haaten kaum Plommen an hier Aan waren just op. Mir konnten se kucken an herno kruut souguer jiddereen een an d'Hand. Duerno hun mer dann allerhand Villercher begéint. D'Messëscher sinn awer définitiv déi meescht déi mer gesinn hunn, an daat vum Stadion "Ee" bis baal prett fir ze fléien.

No zwou Stonnen am Reen war d'Versammlung dann och erëm eriwwer an d'Elteren sinn d'Wëllefcher nees sichen komm.

Claude

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

Moien mäin Numm ass Leo!

*Sou huet deen klengesten an neisten Member vun den bloën Léiwen
sëch den 2. Mee 2011 fiirgstellt.*

*Mir gratuléieren dem Nandu & Kodiak zu hierem Zouwuess
an wënschen hinnen vun Härzen vill Gléck an schéin Stonnen mat hierem klenge*



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:
18/06/2011 - 24/09/2011 - 15/10/2011 - 12/11/2011

Dem LIB séng Opléisungen:

- 1) Een Pinguin mat Sonnenbrand!
- 2) Se sichen allenzwee no engem Motiv!
- 3) Hien dréckt ALT-Tast!
- 4) Den Mee, d'Beem schloën aus an d'Zalot schéisst aus!
- 5) Eng Bei am Rückwertsgang!
- 6) Well se nët an d'Gras beissen kënnen!
- 7) Een Tausendfüssler mat engem Holzbeen!



A → 2

B → 3

C → 1

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel   
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:30 - 19:30

- 16/06/2011

- 30/06/2011

-

-

ALLGEMENG Datumer:

18/06/2011 RALLYE 'Scout fir een Daag'

19/06/2011 Fest vun der Natur

22/06/2011 Faackelzuch an der Staat

09-10/07/2011 POW-WOW fir SG/EX/RO

10/07/2011

27/07-7/08/2011

15/09/2011

18/09/2011

POW-WOW fir BV/LX/SG/EX/RO

JAMBOREE an Schweden

Assemblée générale

Réunion des chefs

Neien Quartier Général:

Am Moment laafen Préparatiounen fir kënnen den 30. Mee mat den Konstruktionsaarbëschen unzufänken. D'Eenzeldeeler ginn an der Fabrik fiirgefärdegt, duerno op den Fetschenhaff geliwwert, wou se dann mat engem Kran montéiert ginn.

Scoutsvisite an der Chambre des Députés:

+/- 50 Memberen vun der FNEL&LGS haaten sëch den 19. Mee Rendez-Vous an der Chambre des Députés ginn, fir zesummen mam Laurent Mosar an Marc Engel iwwer allgemeng Problemer am Bénévolat an déi hinnen um Härz leien ze schwätzen.

et schengt

et schengt

- 01) wei wann an da Ardèche een Mangel un Wächlenkten wier
- 02) wei wann 3 Prominenz en op Diekrech ugereest wieren
- 03) wei wann Fläschen droen haut schwéier wier an een sou eppes liicht géif faalen loossen
- 04) wei wann am Dezember en klenger Chalet vir de Roverweekend net wärt duergoen
- 05) wei wann et well nèt méi wou ass d'Claude heescht...
- 06) wei wann wann een FührerscheinNeuinhaber souguer och Samstes hätt wëllen Geld an d'Parkauer angeheien
- 07) wei wann d'Scouten an d'Zäitepoch vum Rock&Roll zeréckversaart goufen
- 08) wei wann des dei läscht Wandrous fir des Scoutsjoer wier
- 09) wei wann et lechte Keier bessen iwwert der Uelzecht gedämpft hätt
- 10) wéi wann d'Pamela Anderson op den Hollywood komm wier
- 11) wei wann d'Troupecheffen séch um Ouschtercamp och mol un eng Papiermaché- Bastel erugewot hätten
- 12) wei wann wann eis Meute an der Filmbranche géing Fouss faassen
- 13) wei wann d'Cheffen ëndlech erëm eng néi Plastifizéiermaschin krut hun
- 14) wei wann verschidden Memberen erëm nervös um Roverweekend woren
- 15) wei wann bei den Explorer op fédérellem Niveau erëm eppes lass war
- 16) wei wann mir déi an de grengen Uniformen géifen unzéien an et bei eis och besser richen géif
- 17) wei wann an der Paischtvakanz groussen Lions Bleus-Treff zu Wien wier
- 18) wei wann verschidden leit einfach mol gengen fläschen ennerwee faalen loosen su wi wann se naischt genge kaschten
- 19) wei wann Metall net gleich Metall ass
- 20) wei wann onse Cassier den Dokter Fuentes besiche gaangen as

et schengt net nemmen

- 01) wei wann des och lo keinten Wanderen
- 02) wei wann se fier hieren Optrett zimlech laang vierum Spigel stoungen
- 03) wei wann dass net Eng, net Zwou, net Draï mee Véier Fläschen schéin synchron noeneen d'Bekantschaft mat der Strooss gemaach hätten
- 04) dass déi jonk Cheffen sech och elo all zum aalen Eisen bekennen
- 05) wei wann wei wann et lo: Wou ass d'Maiti? Ass :)
- 06) dat en als éischt op de Bankomat Geld ophiewen geet, sèch eng Glass keeft fir Mënz ze kréien an dann schlussendlech erausfënnt dat e guer nâischt angeheien muss
- 07) wei wann hinnen d'Léit an déi aal schmock Oldtimer gudd gefall hätten
- 08) wei wann esou schon rem en flott Joer vergangen ass
- 09) wei wann et gleich keng cheemeg Produen an der Labossschoul mei geifen gin
- 10) wei wann eng vun hieren Brescht schon mol den Buedem vun Noem gekuckt heatt
- 11) wei wann si awer besser dofir emol virtéicht e puer Nohëllefstonnen bei de Beavercheffen géingen huelen
- 12) wei wann op hirem Hollywoodcamp do eng ganz Rei Talenter entdeckt gi wären
- 13) wei wann no ënger gudder Stonn mer missten ophaalen mat plastifizéieren, wëll eng Joffer de Plastik falsch dra gestach huert
- 14) wei wann én en Talent mus hun fir de Brëll souwéi och den Autoschlëssel ze vertësslen
- 15) wei wann daat an den nächsten Joeren esou weider geht
- 16) wei wann dass mir en neien Scoutschef an eisem Staff herzlech wellkomm kennen heechen
- 17) dass direkt 8 Lions Bleus gläichzäiteg an där schéiner Staat géifen ronderemgeeschteren
- 18) wei wann daat dann net nemmen engkeier geng gescheien mais dann direkt 3 mol
- 19) wei wann Blech mei seier Teiteschen kritt
- 20) wei wann hien um Roverweekend de grënge Maillot als bëschte Sprinter krut huert, a waat sët de Knéi!!!

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeier Berthe - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 333 as zesummengesatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Lena, Nora, Maiti, Sophie, Chouette, Claude, Christophe an Eric

Un der WANDROUS N°334 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Tamia / Maiti / Pierre / Jim / Esteban / Claude / Pit / Ludovic / Eric / Breeze / Samuel / Sam / Drago / Pit S. / Kodiak / Catherine / Riewer / Leo

Programm Wandrous

De Wandrous Programm

juni'11			juli'11			september'11		
Mè	1		Fr	1		Do	1	
Do	2		Sa	2	Beaver/Maute/Trupp/Explorer	Fr	2	
Fr	3		So	3		Sa	3	
Sa	4	BEAVER-PIRATENSORTIE	Me	4		So	4	
So	5		Dè	5		Me	5	
Me	6		Mè	6	Permanence	Dè	6	
Dè	7		Do	7		Mè	7	Permanence
Mè	8	Permanence	Fr	8		Do	8	
Do	9		Sa	9	POW-WOW fir SG/EX/RO	Fr	9	
Fr	10		So	10	POW-WOW fir BV/LX/SG/EX/RO & Amicale	Sa	10	
Sa	11	Beaver/Maute/Explorer TRUPPENSORTIE	Me	11		So	11	
So	12		Dè	12	Komité	Me	12	
Me	13		Mè	13	Permanence	Dè	13	
Dè	14		Do	14		Mè	14	Permanence
Mè	15	Permanence	Fr	15		Do	15	ASSEMBLÉE GÉNÉRALE FNEL zu Schätter
Do	16	FNEL-Shop 17:30-19:30	Sa	16	LÉIWENFEST	Fr	16	
Fr	17		So	17		Sa	17	GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00-17:00
Sa	18	RALLYE 'Scout fir een Daag' LBB-Shop 15:45-16:15	Me	18		So	18	RÉUNION DES CHEFS zu Schätter
So	19	FEST vun der NATUR	Dè	19		Me	19	
Me	20		Mè	20		Dè	20	
Dè	21		Do	21		Mè	21	Permanence
Mè	22	FAACKELZUCH & LBB Grillstand	Fr	22		Do	22	
Do	23		Sa	23		Fr	23	Wandrouseinsendeschluss Beaver/Maute/Trupp/Explorer
Fr	24		So	24		Sa	24	
Sa	25	Beaver/Maute/Patrull/Explorer	Me	25		So	25	
So	26		Dè	26		Me	26	
Me	27		Mè	27	JAMBOREE SCHWEDEN (27.07-7.08.2011)	Dè	27	
Dè	28	Komité	Do	28	JAMBOREE SCHWEDEN	Mè	28	Permanence
Mè	29	Permanence	Fr	29	JAMBOREE SCHWEDEN	Do	29	
Do	30	FNEL-Shop 17:30-19:30	Sa	30	JAMBOREE SCHWEDEN	Fr	30	Wandrousredaktionsschluss
			So	31	JAMBOREE SCHWEDEN			

Allerläscht Wandrous - Sait

www.lionsbleus.lu



fuel   
scouts & guides

